ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

n° 3440

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. Januar 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister fir Gläichstellung tëscht Fraen a Männer an un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Am Joer 2020 ware fir d'Ofschlossexamen an de Lëtzebuerger Schoulen am Ganzen 3.545 Kandidaten ugemellt, wéi een an der Press (op lequotidien.lu, den 22.05.20 ëm 17:33) liese konnt. Dovunner waren 2.028 Meedercher (57,2%) an 1.517 Jongen (42,8%). Dëst ass schonn eng notabel Differenz, déi sech am Bildungswee tëscht de Jongen a Meedercher weist. Si ass besonnesch intressant, wann ee sech, wéi d'Regierung, fir eng de facto Gläichstellung tëscht Fraen a Männer wëll engagéieren, wat jo eppes anescht ass ewéi eng Gläichberechtegung vun de Geschlechter.

An deem Kontext wéilte mir der Regierung gär folgend Froe stellen:

1. Wéi erkläert d'Regierung sech dës Differenz?
2. Gesäit d'Regierung an dëser Differenz e Grond, fir dës Situatioun méi genau ze ënnersichen an eventuelle Problemer entgéintzewierken, fir datt et net zu Ongerechtegkeeten an der Bildung oder Ausbildung fir eent vu béide Geschlechter kënnt, oder esouguer zu enger Diskriminéierung?
3. Géif d'Regierung soen, datt de Bildungswee vun de Meedercher méi erfollegräich verleeft ewéi bei de Jongen? Huet d'Regierung sech schonn emol iwwerluecht oder observéiert, wat d'Grënn dofir kéinte sinn? Wa jo, wat fir Grënn kéint dëst hunn?
4. Wat kéint dës Differenz fir d'Zukunft um Lëtzebuerger Aarbechtsmaart bedeiten?
5. Wéi vill vun deenen 2.028 Meedercher an 1.517 Jongen hunn den Ofschlossexamen 2020 jeeweils gepackt?
6. Wéi vill vun deene Meedercher a Jongen, déi den Ofschlossexamen 2020 gemaach hunn, hunn de Bildungswee bis zum Ofschlossexame jeeweils ouni ze redoubléieren, respektiv méi laang an engem „Cycle" ze bleiwen, gepackt?

7. Kann d'Regierung oplëschten, wéi déi an de Froe 5 a 6 behandelt a gefroten Zuele vum Joer 2020 iwwert déi lescht 10 Joer evoluéiert hunn?

8. An de leschte Joren ass vill iwwert dat didaktescht Material an de Contenu vun de Programmer ënnert dem Aspekt vun der „Gläichstellung“ geschwat ginn. Dat awer besonnesch fir d'Bild vun de Fraen ze promouvéieren. Wéi wëllt d'Regierung hei sécherstellen, datt den Inhalt vun de Programmer dobäi awer och nach fir d'Jongen intressant a valoriséierend ass?
9. Kann d'Regierung oplëschten, wéi sech beim Léierpersonal generell a pro "Cycle", respektiv Schoultyp, d'Proportioun tëscht weiblechem a männlechem Léierpersonal iwwert déi lescht 10 Joer entwéckelt huet?
10. Et ass eng bekannten Tatsaach, datt kleng Jonge sech tendenziell méi beweegen ewéi Meedercher am selwechten Alter an och anescht spillen. Gëtt där Tatsaach an der Organisatioun vun de Pausen an an der Konzeptioun vun de schouleschen Infrastrukturen a Spillplaze Rechnung gedroen?
11. Ginn an der pedagogescher Formatioun vum Léierpersonal och spezifesch déi ënnerschiddlech Besoine vun de Jongen a Meedercher ugeschwat?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

Fred Keup
Deputéierten

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer a vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3440 vun den honorabelen Här Deputéierte Jeff Engelen a Fred Keup**

**Ad 1) bis 4)**

Am nationale Bildungsbericht vun 2018, deen dem honorabelen Deputéierten dierft bekannt sinn, fannen sech speziell am Kapitel 5 "Bildungsungleichheiten im Luxemburgischen Sekundarschulsystem aus zeitlicher Perspektive" eng ganz Rei vun Hiweiser op Etüden an Artikelen, déi sech mat den Differenze befaassen, déi et am Bildungswee tëscht Jongen a Meedercher ginn. Grad wéi am Ausland weist sech och zu Lëtzebuerg, dass aktuell méi Meedercher wéi Jongen den héchste Bildungsofschloss ustriewen an erreechen.

An de leschte Joerzéngte vum 20. Joerhonnert hunn sech d'Geschlechtsënnerscheeder am Bildungserfolleg verännert. Virun de Bildungsreforme vun de 1960er Joren haten d'Meedercher méi geréng Chancen op eng héijer Schoulausbildung; säit enger Rei vu Joren triede verstäerkt Bildungsongläichheeten zu Ongonschte vun de Jongen op. Méi grouss Chancë vun de Fraen um Aarbechtsmaart grad ewéi verännert Geschlechterrollen, kënnen d'Motivatioun an déi wesentlech Ursaach si fir dee gesteigerte "Bildungserwerb" vun de Meedercher a Fraen. Et weist sech, dass Meedercher zwar méi eng héich Chance hunn, den Enseignement secondaire mat engem Diplom ze verloossen; allerdéngs ännert d'Geschlechterverhältnis sech erëm zu Ongonschte vun de Fraen, wann een héijer universitär Diplomer wéi zum Beispill d'Doktorat a Betruecht zitt.

Ënnerschiddlech schoulesch Leeschtunge kënnen och op ënnerschiddlech Astellungs- a Verhalensmuster zréckgefouert ginn: de Phenomen, deen als "Schulentfremdung" bezeechent gëtt, ass bei de Jongen zum Beispill méi verbreet. Par contre schéngt de Fait ob Jongen vu weiblechem oder vu männlechem Personal ënnerriicht ginn, kenn Afloss op déi schoulesch Leeschtungen ze hunn.

Am Plan d'action national pour une égalité entre les femmes et les hommes, deen d'Regierung am Juli 2020 ugeholl huet, ass d'Egalitéit an der Educatioun eng vun de 7 Prioritéiten. Déi verschidde Moossname viséiere generell, fir all d'Schülerinnen a Schüler, eng egalitär Schoulausbildung a Beruffsorientéierung, onofhängeg vun hirem Geschlecht. Méi spezifesch sinn awer och punktuell Projete virgesi fir Beräicher an deenen en Ongläichgewiicht tëschent de Geschlechter festgestallt gëtt wéi z.B. de Mangel u Männer an de soziale Beruffer oder d'Ënnerrepresentatioun vu Fraen an de sougenannte STEM-Beräicher.

**Ad 5) bis 7)**

| Joer | Meedercher | Jongen | Total |
|---|---|---|---|
| 2010/11 | 1465 | 1094 | 2559 |
| 2011/12 | 1625 | 1230 | 2855 |
| 2012/13 | 1620 | 1275 | 2895 |
| 2013/14 | 1627 | 1326 | 2953 |
| 2014/15 | 1749 | 1395 | 3144 |
| 2015/16 | 1995 | 1516 | 3511 |
| 2016/17 | 1906 | 1425 | 3331 |
| 2017/18 | 1852 | 1424 | 3276 |
| 2018/19 | 1866 | 1491 | 3357 |
| 2019/20 | 2054 | 1538 | 3592 |

Tableau 1

| Joer | Meedercher | Jongen | Total |
|---|---|---|---|
| 2010/11 | 57,25 % | 42,75 % | 100,00 % |
| 2011/12 | 56,92 % | 43,08 % | 100,00 % |
| 2012/13 | 55,96 % | 44,04 % | 100,00 % |
| 2013/14 | 55,10 % | 44,90 % | 100,00 % |
| 2014/15 | 55,63 % | 44,37 % | 100,00 % |
| 2015/16 | 56,82 % | 43,18 % | 100,00 % |
| 2016/17 | 57,22 % | 42,78 % | 100,00 % |
| 2017/18 | 56,53 % | 43,47 % | 100,00 % |
| 2018/19 | 55,59 % | 44,41 % | 100,00 % |
| 2019/20 | 57,18 % | 42,82 % | 100,00 % |

Tableau 2

D'Tableauen 1 an 2 weisen - an absolutten Zuelen an a Pourcentagen - d'Bedeelegung vu Jongen a Meedercher um Ofschlossexamen iwwert déi lescht 10 Joer.

| Joer | Geschlecht | Admis | Refusé | Total |
|---|---|---|---|---|
| 2010/11 | Meedercher | 1266 | 199 | 1465 |
| | Jongen | 883 | 211 | 1094 |
| 2011/12 | Meedercher | 1435 | 190 | 1625 |
| | Jongen | 1033 | 197 | 1230 |
| 2012/13 | Meedercher | 1408 | 212 | 1620 |
| | Jongen | 1012 | 263 | 1275 |
| 2013/14 | Meedercher | 1405 | 222 | 1627 |
| | Jongen | 1100 | 226 | 1326 |
| 2014/15 | Meedercher | 1522 | 227 | 1749 |
| | Jongen | 1132 | 263 | 1395 |
| 2015/16 | Meedercher | 1773 | 222 | 1995 |
| | Jongen | 1286 | 230 | 1516 |
| 2016/17 | Meedercher | 1667 | 239 | 1906 |
| | Jongen | 1205 | 220 | 1425 |
| 2017/18 | Meedercher | 1609 | 243 | 1852 |
| | Jongen | 1171 | 253 | 1424 |
| 2018/19 | Meedercher | 1627 | 239 | 1866 |
| | Jongen | 1223 | 268 | 1491 |
| 2019/20 | Meedercher | 1842 | 212 | 2054 |
| | Jongen | 1326 | 212 | 1538 |
| Total | | 26925 | 4548 | 31473 |

Tableau 3

| Joer | Geschlecht | Admis | Refusé | Total |
|---|---|---|---|---|
| 2010/11 | Meedercher | 86,42 % | 13,58 % | 100,00 % |
| | Jongen | 80,71 % | 19,29 % | 100,00 % |
| 2011/12 | Meedercher | 88,31 % | 11,69 % | 100,00 % |
| | Jongen | 83,98 % | 16,02 % | 100,00 % |
| 2012/13 | Meedercher | 86,91 % | 13,09 % | 100,00 % |
| | Jongen | 79,37 % | 20,63 % | 100,00 % |
| 2013/14 | Meedercher | 86,36 % | 13,64 % | 100,00 % |
| | Jongen | 82,96 % | 17,04 % | 100,00 % |
| 2014/15 | Meedercher | 87,02 % | 12,98 % | 100,00 % |
| | Jongen | 81,15 % | 18,85 % | 100,00 % |
| 2015/16 | Meedercher | 88,87 % | 11,13 % | 100,00 % |
| | Jongen | 84,83 % | 15,17 % | 100,00 % |
| 2016/17 | Meedercher | 87,46 % | 12,54 % | 100,00 % |
| | Jongen | 84,56 % | 15,44 % | 100,00 % |
| 2017/18 | Meedercher | 86,88 % | 13,12 % | 100,00 % |
| | Jongen | 82,23 % | 17,77 % | 100,00 % |
| 2018/19 | Meedercher | 87,19 % | 12,81 % | 100,00 % |
| | Jongen | 82,03 % | 17,97 % | 100,00 % |
| 2019/20 | Meedercher | 89,68 % | 10,32 % | 100,00 % |
| | Jongen | 86,22 % | 13,78 % | 100,00 % |
| Total | | 85,55 % | 14,45 % | 100,00 % |

Tableau 4

D'Tableauen 3 a 4 weisen - an absolutten Zuelen an a Pourcentagen - de respektiven Erfolleg vu Jongen a Meedercher beim Ofschlossexamen iwwert déi lescht 10 Joer.

| Joer | Geschlecht | Redoublé | Régulier | Total |
|---|---|---|---|---|
| 2010/11 | Meedercher | 299 | 1166 | 1465 |
| | Jongen | 322 | 772 | 1094 |
| 2011/12 | Meedercher | 457 | 1168 | 1625 |
| | Jongen | 385 | 845 | 1230 |
| 2012/13 | Meedercher | 555 | 1065 | 1620 |
| | Jongen | 562 | 713 | 1275 |
| 2013/14 | Meedercher | 620 | 1007 | 1627 |
| | Jongen | 620 | 706 | 1326 |
| 2014/15 | Meedercher | 651 | 1098 | 1749 |
| | Jongen | 620 | 775 | 1395 |
| 2015/16 | Meedercher | 763 | 1232 | 1995 |
| | Jongen | 697 | 819 | 1516 |
| 2016/17 | Meedercher | 699 | 1207 | 1906 |
| | Jongen | 635 | 790 | 1425 |
| 2017/18 | Meedercher | 624 | 1228 | 1852 |
| | Jongen | 581 | 843 | 1424 |
| 2018/19 | Meedercher | 649 | 1217 | 1866 |
| | Jongen | 615 | 876 | 1491 |
| 2019/20 | Meedercher | 743 | 1311 | 2054 |
| | Jongen | 658 | 880 | 1538 |
| Total | | 11755 | 19718 | 31473 |

Tableau 5

| Joer | Geschlecht | Redoublé | Régulier | Total |
|---|---|---|---|---|
| 2010/11 | Meedercher | 20,41 % | 79,59 % | 100,00 % |
| | Jongen | 29,43 % | 70,57 % | 100,00 % |
| 2011/12 | Meedercher | 28,12 % | 71,88 % | 100,00 % |
| | Jongen | 31,30 % | 68,70 % | 100,00 % |
| 2012/13 | Meedercher | 34,26 % | 65,74 % | 100,00 % |
| | Jongen | 44,08 % | 55,92 % | 100,00 % |
| 2013/14 | Meedercher | 38,11 % | 61,89 % | 100,00 % |
| | Jongen | 46,76 % | 53,24 % | 100,00 % |
| 2014/15 | Meedercher | 37,22 % | 62,78 % | 100,00 % |
| | Jongen | 44,44 % | 55,56 % | 100,00 % |
| 2015/16 | Meedercher | 38,25 % | 61,75 % | 100,00 % |
| | Jongen | 45,98 % | 54,02 % | 100,00 % |
| 2016/17 | Meedercher | 36,67 % | 63,33 % | 100,00 % |
| | Jongen | 44,56 % | 55,44 % | 100,00 % |
| 2017/18 | Meedercher | 33,69 % | 66,31 % | 100,00 % |
| | Jongen | 40,80 % | 59,20 % | 100,00 % |
| 2018/19 | Meedercher | 34,78 % | 65,22 % | 100,00 % |
| | Jongen | 41,25 % | 58,75 % | 100,00 % |
| 2019/20 | Meedercher | 36,17 % | 63,83 % | 100,00 % |
| | Jongen | 42,78 % | 57,22 % | 100,00 % |
| Total | | 37,35 % | 62,65 % | 100,00 % |

Tableau 6

D'Tableaue 5 a 6 weisen - an absolutten Zuelen an a Pourcentagen - de respektive Bildungswee vu Jongen a Meedercher bis zum Ofschlossexamen iwwert déi lescht 10 Joer. An der drëtter Kolonn sinn déi Jongen a Meedercher opgefouert, déi op hirem Bildungswee am Lycée op d'mannst ee Mol redoubléiert hunn; déi véiert Kolonn weist déi Jongen a Meedercher, déi et op direktem Wee zum Ofschlossdiplom gepackt hunn.

**Ad 8)**

D'Approche an der Hirstellung vu Material ass déi vun der Inclusioun, d. h. dass der Diversitéit vun de Mënsche Rechnung gedroe gëtt; Inhalter a Léiersituatioune ginn esou ausgeschafft, dass se interessant a valoriséierend fir **all** Mënsch sinn. D'Schoulbicher zum Beispill, déi am Kader vum Enseignement fondamental agesat ginn, sinn all op enger genderfrëndlecher Approche baséiert.

D'Regierung huet d'UNI Lëtzebuerg chargéiert, d'Schoulbicher aus dem Enseignement fondamental op Geschlechterstereotyppen ze ënnersichen d.h. engersäits wéi oft d'Männer an d'Frae virkommen an anerersäits a wéi enge Rollen déi béid Geschlechter respektiv duergestallt ginn. Des Aarbechte sinn am Gaang finaliséiert ze ginn an d'Resultater wäerten nach virum Summer presentéiert ginn.

**Ad 9)**

Am Enseignement fondamental intervenéiere verschidden Enseignanten a méi wéi enger Klass an och a méi wéi engem Cycle; am Enseignement secondaire ass dat d'Reegel. Aus dësem Grond ass eng kloer Opschlësselung vun der Verdeelung vu männlechem a weiblechem Léierpersonal no Cycle oder no Schoultyp net méiglech.

Am Tableau hei drënner sinn d'Pourcentagë vu männlechem a weiblechem Léierpersonal iwwert déi lescht Jore representéiert.

| | Enseignement fondamental | | Enseignement secondaire | |
|---|---|---|---|---|
| | Weiblech | Männlech | Weiblech | Männlech |
| 2020/2021 | 81,5% | 18,5% | 54,1% | 45,9% |
| 2019/2020 | 81,8% | 18,2% | 53,9% | 46,1% |
| 2018/2019 | 82,2% | 17,8% | 53,6% | 46,4% |
| 2017/2018 | 82,3% | 17,7% | 53,2% | 46,8% |
| 2016/2017 | 82,0% | 18,0% | 53,1% | 46,9% |
| 2015/2016 | 81,9% | 18,1% | 52,6% | 47,4% |
| 2014/2015 | 81,7% | 18,3% | 52,0% | 48,0% |
| 2013/2014 | 82,0% | 18,0% | 51,5% | 48,5% |
| 2012/2013 | 81,9% | 18,1% | non disp. | non disp. |
| 2011/2012 | 81,8% | 18,2% | non disp. | non disp. |

Tableau 7

**Ad 10)**

D'Offer, vun deenen d'Schülerinnen a Schüler wärend hirer Paus kënne profitéieren, ass vu Schoul zu Schoul ënnerschiddlech. Si sinn a sollen zu all Moment eng fakultativ Offer duerstellen, esou dass d'Schülerinnen a Schüler selwer kënnen entscheeden, ob si heirunner deelhuelen oder net. Et ass hire Moment de détente an si si fräi, deen esou ze verbréngen, wéi si wëllen. De Schoulhaff ass an dësem Kontext e Raum fir sozial Besoinen, soziale Kontakt a fräi Beweegung.

Wéi an der am Artikel 35 vun der *Loi du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental* festgehalen, ënnerleien déi schoulesch Infrastrukturen, wéi och d'Spillplazen, der Autoritéit vun de Gemengen. Si stellen dat néidegt Material zur Verfügung a versichen de Besoine vun de Kanner esou gutt et geet Rechnung ze droen.

**Ad 11)**

Wann et ëm geschlechtersensibel Pedagogik geet, ass et wichteg, Ënnerscheeder ze erkennen, gläichzäiteg awer Rollebiller ze vermeiden. D'Zil ass a sollt et also weder sinn, déi traditionell Norme vu *Männlechkeet* respektiv *Weiblechkeet* ze verstäerken, nach eng nei *Männlechkeet* oder *Weiblechkeet* wëllen ze etabléieren, mee eng individuell Férderung vun all Schülerin a Schüler, ënner Berécksiichtegung vun de geschlechterbezunnenen Erausfuerderungen z'erreechen.

Aus dësem Grond gëtt schonn an der universitärer Ausbildung vun den zukünftegen Enseignanten e besonnesche Fokus heirop geluecht. An hire Coursë léieren si, d'Bedierfnisser vun de Kanner ze erkennen an ze reflektéieren an dëse Bedierfnisser mat ënnerschiddleche pedagogesche Mëttel gerecht ze ginn. Si léieren, ënnerschiddlech Methoden an Unterrechtsforme fir en eegestännegt, ganzheetlecht a kompetenzorientéiert Léiere vun de Kanner z'erméiglechen an ze fërderen.

Och bei der Reform vum Stage vum Summer 2019 gouf e grousse Wäert drop geluecht, datt am Kader vum Stage (Fonctionnairen) an an der Période d'initiation (Employéen) den Undeel u Walmoduler am Formatiounsparcours zu dëser Thematik méi grouss gëtt. Dëst gëllt fir d'Enseignanten an déi sozioedukativ Beruffsgruppen.

Och an der Weiderbildung ginn ëmmer erëm Formatiounen zu dësem Thema ugebueden: zanter Joren hu Formations continues zu den ënnerschiddleche Besoine vun de Jongen a Meedercher eng fest Plaz an der Offer, déi den Institut de formation de l'Éducation nationale (IFEN) proposéiert. Dës Formatiounen traitéiere verschidden Themefelder vum C1 bis an de Secondaire:

- Pedagogesch Approchen, déi de Bléck op d'Gläichstellung an d'Diversitéit vun de Kanner a Jonke riichten: duerch d'Ausernanersetzung mat Rollebiller a Geschlechterstereotyppen kréien déi Jonk nei Erfarungsméiglechkeeten a kënnen hir perséinlech Potenzialer weider entwéckelen.
- Gender-sensibel Aspekter bei der Beruffsorientéierung: duerch e Bléck op déi individuell Perséinlechkeetsentwécklung réckele klassesch Beruffsbiller an den Hannergrond.